



Här Christian WELTER
Gemengeconseiller

43, avenue de la Gare

L-4873 LAMADELAINE

Referenz :2024.63584.SECR

Péteng, den 8. November 2024

Betreff: Är Froe vum 4. Oktober 2024

(Den Dossier gött bearbecht vum Här Gérard Georges - Tel.: 50 12 51 – 3021)

Här Welter,

An Ärem Bréif vum 4. Oktober 2024, deen der Gemengeverwaltung per Email den 10. Oktober 2024 zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Séit dem Gesetzesentwurf vum 19. Juli 2004, ass et méiglech och hei zu Lëtzebuerg en Autorisatioun fir "Tiny houses" ze maachen.

An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froen stellen:

- 1. Wéi vill Demanden fir "habitations légères" sinn an de lëschten 3 Joren an der Gemeng Péteng eragaangen?*
- 2. Wéi vill vun deenen Demandë sinn dovunner refuséiert gi?*
- 3. Wat waren d'Grënn fir d'Refusen vun den Demanden?*
- 4. Am Prinzip ass Réalisatioun vun "habitations légères" an all éligibel Zone méiglech, ausser d'Gemeng wënscht sech keng Implantatiounen vu "habitations légères" an der Gemeng, resp. an den verschidden Zonen.*

Wéi eng Richtlinnen huet sech de Schäfferot bezüglech den "habitation légère" gesat?

Mat Respekt,

*Christian Welter
Gemengeconseiller*



Hei dem Schäfferot seng Äntwerten op Är Froen:

Här Welter,

Per E-Mail vum 10. Oktober 2024 hutt Dir dem Schäfferot op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz Froe betreffend Baugeneemegunge vun "habitations légères" gestallt.

Op Basis vun dësem Artikel kënnen d'Membere vum Gemengerot dem Schäfferot Froe bezüglech der Verwaltung vun der Gemeng stellen, déi an de Kompetenzberäich vum Schäfferot falen.

Betreffend déi 4. Fro an Ärem Bréif, ass et gewosst dass Péteng eng bedeitend Populatiounsduicht huet an et deemno och net sënnvoll wier däraarteg "constructions légères", also déi sougenannten "Tiny-Houses" op iergendswelleche fräie Plätzen, Wisen oder an de Gäert innerhalb vu besteeënde Quartieren opzestellen.

Déi aktuell Reglementatioun erlaabt et Haiser ze bauen déi eng minimal Breet hu vu 6 Meter wann se jumeléiert sinn a fräistoend Haiser solle mindestens 7 Meter breet si, wat jo esou gesi scho bal als "Tiny-House" kann ugesi ginn. Deemno schéng weider Etappen a Richtung Minimalismus net ubruecht.

Mir maachen Iech opmierksam, dat déi aner vun Ären uewe genannte Froen an de Ressort vum Buergermeeschter eleng falen a soumat net vum Artikel 25 betraff sinn.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,